Invitatioun



# Nationalfeierdag
# 2026



Den Nationalfeierdag gëtt eis all Joer d'Geleeënheet, eis Verbonnenheet mat eisem Grand-Duc an eisem Land auszedrécken. Gläichzäiteg kommen d'Bierger de politesch Responsabele méi no, an déi nei Bierger ginn an der Gemeng opgeholl.

De Schäffen- a Gemengerot invitéiert Iech un de Festivitéiten, déi dëst Joer **Méindes, den 22. Juni 2026** zu Berbuerg organiséiert ginn, deelzehuelen.

**Oflaf:**
**19h30 „Te Deum" an der Kierch zu Berbuerg**
Dono:

- Cortège vun der Kierch bis an de Centre Beaurepaire
- Ried vum Buergermeeschter
- Éierewäin

Nom offiziellen Deel:
**Backbeat - Classic Rock, Blues a Soul Live-Coverband**

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt - mat engem Foodtruck an zesumme mat eise Veräiner!